



## 8. Renouveau du mandat du Président, du Vice-Président et d'un conseiller à la Cour des comptes

Et geet et ëm d'Mandatserneierung vum Här Marc Gengler, dem President vun der Cour des comptes, vum Här Patrick Graffé, dem Vizepräsident vun därselewechter Cour, a vum Här Tom Heintz, deen elo Conseiller vun der Cour des comptes ass.

Den Artikel 123 vun eisem Reglement gëtt bei dëser Mandatserneierung respektiv -verlängerung ugewannt. Deemno kënnen mir bei deenen dräi Mandatserneierungen den Artikel 4(5) uwenen, dass kee Vott ze maachen ass, an ausser et ass elo en Deputéierten, dee géif e Vott verlaangen, kënnen mer déi Mandatsverlängerung respektiv -erneierung mat Handophiewen decidéieren.

Sidd Der do dermat d'accord, dass mer déi Prozedur huelen, well net méi Kandidaturen do sinn, wéi och Posten ze besetze sinn? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci.

### Vote sur le renouvellement des mandats à la Cour des comptes

Da géif ech déi, déi d'accord si mat der Erneuerung, bieten, d'Hand ze hiewen.

Géigepruf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat wären d'Mandater vum President, vum Vizepräsident an och vun engem Conseiller vun der Cour des comptes erneiert respektiv verlängert.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 6844 betreffend wesentlech Ofännerunge bei deene verschidde Regimenter vu Preretraiten. An de Rapporteur, den Här Frank Arndt, huet elo direkt d'Wuert. Ech wëll lech just nach soen, dass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht ass. Den Här Arndt huet d'Wuert.

## 9. 6844 - Projet de loi portant

### 1. modification de l'article L. 521-14 et du Titre VIII du Livre V du Code du travail

### 2. modification de l'article 3 de la loi du 23 juillet 2015 portant réforme du dialogue social à l'intérieur des entreprises et modifiant le Code du travail et la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le Registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises

#### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm d'Ofschafung vun der Preretraite-solidarité, also vun der solidarescher Virpensioun, wann ee se esou kann nennen. Den Depôt vun dësem Gesetz ass den 3. August 2015 gemaach ginn an den Avis vun der Chambre des Salariés ass de 15. Oktober 2015 komm respektiv vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce den 19. November 2015.

De Conseil d'État huet den éischten Avis erausginn den 11. Oktober 2016 an d'Präsentatioun vun dem Gesetz ass vum Minister gemaach ginn de 24. Oktober 2016. An do sinn ech selwer dann och als Rapporteur designéiert ginn.

Et waren direkt dräi Opposition-formellen dran. An do waren der zwou dervun, wou et iwwert d'Konditiounen gaangen ass, wéini Règlements grand-ducaux géifen ëmgeseet ginn, respektiv eng weinst dem Non-respect vun der Hierarchie vun den Normen. Dozou sinn och dunn dräi Amendementer gemaach ginn. Am Avis complémentaire vum 14. März 2017 ass den Amendementer Rechnung gedroe ginn an d'Opposition-formell sinn opgehuewen ginn. An der Kommissiounssëtzung gouf dann och de Projet de rapport den 11. Oktober 2017 guttgeheescht.

D'Zil vun dem Projet de loi, wéi ech gesot hunn, vun der Preretraite-solidarité, ass et, se ofzeschaffen, mä dofir awer och aner Regimenter virun allem vun der Preretraite unzepassen an ze verbesseren. Iwwert de Kader muss ee wësen, dass et eng Recommandatioun ass vun der OCDE iwwert d'Preretraiten, fir dass eben d'Leit méi laang solle schaffen goen, méi laang am Aarbechtsmarché solle mat drableiwen, an dat um Hannergrond vun der demografescher Entwécklung an de ganze Länner a virun allem och hei a Lëtzebuerg.

D'Preretraite-solidarité, wann een awer den Effet kuckt, dee se hat, dee war relativ kleng. Et si plus/minus 150 Leit, déi dovun concernéiert waren, an d'Ziele si souguer och nach weider réckleefeg. Ech mengen, si ass och agefouert ginn an de Krisejore weinst dem Astellungsstopp, well ee bei der Preretraite-solidarité nom Départ en preretraite en Demandeur d'emploi vun der ADEM och huet missen astellen. D'Ofschaffung gouf schonns ënnert der leschter Regierung op d'mannst diskutéiert.

An, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech denken, wat wichteg ass, ass virun allem, déi Verbesserungen an deenen anere Preretraiteregimenter awer hei ze nennen. Do ass et virun allem d'Preretraite-ajustement..., net virun allem, mä eng vun deenen dräi ass d'Preretraite-ajustement, also de Virruhestand an de Betriber, déi Problemer hunn, fir do kënnen eng Alternativ ze schafen, dass keng Entloossung solle gemaach ginn.

Dann ass et d'Preretraite pour travailleurs postés an Travailleurs de nuit, also alleguerten d'Schichtaarbechter, déi onregelméisseg Aarbechtszäiten hu respektiv vill an der Nuetsaarbecht geschafft hunn.

An dann, wéi gesot, och nach d'Preretraite progressive, dat ass u sech eng Preretraite, déi ee ka begleeten, wou ee seet: „Ech schaffen nach een Deel an ech kombinéieren dat domadder, dass ech awer och een Deel schonn an der Pensioun sinn oder respektiv an der Preretraite.“

Wat huet geännert dobäi? De Mindestalter vun der Preretraite - bis elo 57 Joer - kann ee bis op 60 Joer no hanner réckelen. A jee nodeem, ënner wéi engem Regime een ass, a bei verschidde Konditiounen, déi dann erfüllt sinn, kann d'Preretraiteszäit bis 65 Joer goen.

D'Konditioun fir d'Preretraite, déi also ze erfüllen ass, ass eng minimal Affiliationszäit an der Entreprise vu fënnf Joer. Wann de Salarié aus enger Entreprise awer kennt, wou eng Faillite war oder déi an enger Liquidation judiciaire ass, da geet och elo ee Joer duer.

Wann een dann iwwert d'Preretraite pour travailleurs postés schwätzt a virun allem dann och iwwer Nuetschicht schwätzt, déi ass virun allem vill méi flexibel elo gemaach ginn. Bis elo war et esou, dass een huet missen zwanzeg Joer postéiert geschafft hunn oder an der Nuecht geschafft hunn, an an Zukunft geet et elo duer mat fofzëng Joer Travail posté oder Travail de nuit, wann déi an de leschte 25 Joer geleescht goufen.

Bei der Preretraite progressive, do muss et an Zukunft keng kausal Relatioun méi ginn tëscht dem Départ progressif an der Neistellung. Et gi fir de Patron och an Zukunft weider Alternativen, fir dës Embauchen ze kompenséieren (veuillez lire: Alternative fir dës Embauche compensatrice). A bei den Entreprises, déi nei Restrukturatiounen maache mussen, gëtt et keng Obligatioun méi fir eng Neistellung. Et kann een och elo do, amplaz dass een e Kontrakt mat 100% huet missen hu virdun, mat 75% vun dëser Preretraite profitéieren.

Eng Ännerung gëtt et och an der Berechnung vun der Preretraite. Déi baséiert an Zukunft net méi op deenen dräi leschte Méint, mä op deem ganze leschte Joer. Den Taux bleift awer deeselwechten, 85, 80 a 75, während dem éischten, zweete respektiv dem drëtten Joer vun der Preretraite. Ech mengen, dat kennt ville Salarié entgéint, wann dat op dat ganz Joer an der Moyenne ka gekuckt ginn.

Wann een dann d'Avise kuckt vun der Chambre professionnelle, kann een am Résumé soen: Der CSL, där ass et net wäit genuch gaangen, der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce ass et ze wäit gaangen. Also kann ee vun enger equilibréierter Mesure schwätzen.

Am schréffleche Rapport fannt Dir all dës Detailler erëm an déi kënnen och do nogelies ginn. Ech wëll awer hei och eppes präziséieren, well ech dobaussen drop ugeschwat ginn, an ech mengen, et wäert lech och net aneschtens goen, wéi et mir gaangen ass, dass vill Leit mengen, et kéint een net méi mat 57 Joer an eng Pension anticipée goen.

Mir schwätzen hei vun enger Rent an net vun enger Preretraite. Bei der Preretraite, do cotiséiert ee weider, an an eng Pensioun geet ee mat 57 Joer. Dat bleift och weider bestoen, also déi Pension anticipée mat 57 Joer, wann een ebe 40 Déngschtjoren hanner sech huet, da kann een och nach ëmmer mat 57 Joer an d'Pensioun goen.

Ech mengen, de gesetzleche Rentenalter läit bei eis och weider bei 65 Joer, an do huet och weider näischt dru geännert. An do kann een zwëschen där Period vu 57 a 65 Joer zu all Moment da seng Pensionsrechter geltend maachen, wann een eben déi 480 Méint dann och deementspriedend geschafft huet.

Ech mengen, et muss een dat kloer dobaussen artikuléieren, well et si vill Leit, déi dat awer an

een Dëppe werfen. An et ass eng Preretraite, dat ass eppes aneres awer wéi eng Pension anticipée.

Ech wëll elo hei op dëser Plaz och de Kolleegen alleguere Merci soen, déi an der Kommissioun mat un dësem Projet geschafft hunn, souwéi och dem Ministère an de Leit aus der Chambersadministratioun.

Ech gi vun eiser Säit och hei den Accord vun der Fraktioun vun der LSAP direkt mat op de Wee an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Arndt. An éischten ageschriwene Riedner ass den Här Aly Kaes fir d'CSV. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet gouf eigentlech mam Depot vum Budget fir d'Joer 2015 an dem Spuerpak ugekënnegt. D'Reform vun der Preretraite sollt laut der Regierung dräi Objektivtëren erfüllen: Éischstens sollt et drëm goen, den Taux d'emploi vun de Senioren an d'Luucht ze setzen, zweetens den effektive Pensionsalter unzehiewen, a last but not least goung et drëm ganz einfach, Suen ze spueren. Laut der Mesure Nummer 191 vum Spuerpak sollten ab 2016 all Joer fënnf Milliounen iwwert dëse Wee agespuert ginn.

Mir deelen d'Zilsetzungen. Ob mer dësen Objektivtëren duerch de Gesetzesprojet e Stéck wäit méi no kommen, dat bleift natierlech ofzemaachen. Eppes ass awer sécher: D'Preretraite-solidarité wäert auslafen. An ech mengen, jo, ech mengen, mir hunn op deem Punkt e gudden Kompromiss erziilt par rapport zu deem, wat d'Regierung initialement virhat, nämlech eng Iwwergangsphas vun dräi Joer. Et ass elo méi flexibel gestalt ginn. Et ass elo de Besoin vun den Entreprises a virun allem de concernéierte Mataarbechter besser ugepasst. Mir kruten op deem Punkt also absolutt Satisfaktioun.

Dir Dammen an Dir Hären, dass sech d'Gewerkschaften an dësem Projet net erëmfinden, kënnen mer awer duerchaus novollzéien. Si waren averstanen, fir d'Preretraite-solidarité ofzeschaffen. Dëst Zougeständnis war awer un, jo, eng Rei Géigeleeschungen gekoppelt.

Am Accord vum 28. November 2014 hat sech d'Regierung engagéiert, d'Regimenter vun der Preretraite progressive an notamment vun der Preretraite „postés“ ze verbesseren. Ech betounen: ze verbesseren! Doriwwer eraus sollt och d'Méiglechkeet geschafe ginn, d'Pensioun mat Deelzäitaarbecht ze kombinéieren.

Um Niveau vun der Preretraiten hiewen d'Gewerkschaften zu Recht ervir, dass éischstens d'Konditiounen, fir kënnen an de Genoss vun der Preretraiten ze kommen, verschäerft goufen. D'Konditioun, dass een elo minimum fënnf Joer muss beim selwechte Patron gewiescht sinn, ass nei an erschéiert de Gewerkschaften no natierlech den Zougang zu dësem Regime.

D'Salariatskummer huet an hirem Avis zum Beispill och drop verwisen, dass dës Konditioun vu fënnf Joer am Fall vun Travail intérimaire, der Leiaarbecht, respektiv am Fall vu Fusione respektiv Opspléckung an Transfert vun Entreprise kéint zu Diskussiounen féieren, notamment wat d'Berechnung vun deene fënnf Joer ugeet.

Um Niveau vun der Preretraite fir Schichtaarbecht oder Nuetsaarbecht hätt sech den LCGB eigentlech erwaart, dass de Patron soll d'Preuve bréngen, dass säi Mataarbechter minimum 20% vu senger Monatsaarbechtszäit tëscht 22 a 6 Auer geschafft huet.

Wat d'Kombinatioun vun enger Deelzäitaarbecht mat enger, jo, mat enger partieller Pensioun ugeet, ass u sech näischt geschitt. Et ass also duerchaus normal, dass d'Gewerkschaften sech vun der Regierung an engem gewëssene Sënn hannergaange spieren. Dat ass awer eng Verantwortung, déi natierlech net mir droen, mä déi eenzeg an eleng dës Regierung dréit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir als CSV sinn der Meenung, dass et wichteg ass, de Leit och am Alter eng Perspektiv ze ginn, also se och no 50 Joer an der Aarbecht ze halen. Déi sougenannt „Senioren“ gehéieren nach laang net zum alen Eisen. Si hunn oft wichteg Erfahrungswärter, déi se deene Jonke kënnen vermëttelen. An dovun profitéieren mir alleguerten. Et ass dëst awer och ganz sécher e Facteur vu sozialer Kohäsioun.

Fir dat Zil ze erreechen, muss et awer an eisen Aen zu enger ganzer Rei vun Adaptatiounen kommen um Niveau vun den Aarbechtskonditiounen. Do si souwuel de Patron wéi awer och de Salarié gefuerdert, an, wann néideg, och mir selwer. Mir brauche sécher och eng besser Aarbechtsmedezinn. Och sollt am Kontext vun der Preretraiten de Volet vun der Penibilitéit vun der Aarbecht gräifbarer ginn.

Ech weess awer net, wou dës Aarbechten dru sinn. Mä den Här Minister Schmit kann lech jo herno Opschloss doriwwer ginn.

Dëst sinn eng Rei vu Pisten, op deene schnell muss geschafft ginn, an ech denken och, dass et haut net fir d'Lescht ass, dass mer iwwert d'Preretraiten hei wäerte schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dësem Projet zou an hoffen zäitno och mat anere wichtige Gesetzesprojeten, notamment deenen, déi ech virdru genannt hunn, befaasst ze ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och dem Här Kaes. An nächsten ageschriwene Riedner ass den Här Claude Lamberty fir d'DP.

► **M. Claude Lamberty** (DP). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll direkt dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schréfflechen Rapport, an deenen hien déi technesch Adaptatiounen schonn erkläert huet, op déi ech also net méi am Detail brauch anzegoen.

Ech wëll just op e puer Punkten agoen, déi mir als Demokratesch Partei besonnesch wichteg fannen. Mir hunn de Moment verschidden Zorte Preretraiten: Solidarité, Ajustement, progressive, d'Preretraite des salariés postés et salariés de nuit.

D'Preretraite-solidarité gëtt mat dësem Projet de loi ofgeschaaft. Dëst kennt sécherlech net iwwerraschend, well och schonn déi viereg Regierung iwwert dës Mesure mindestens nogeduecht huet. D'Preretraite-solidarité huet hiert Zil, dat bei hirem Aféierung gesat gouf, net erreecht. Et ass nämlech virun allem ëm d'Bekämpfe vum Jugendchômage gaangen. Vu dass dës Form vu Preretraite quasi net méi genotzt gëtt, ass et also nëmme logesch, dass se och elo ofgeschaaft gëtt.

Do dernieft ginn déi aner Preretraiten adaptéiert, fir se méi attraktiv ze maachen. Eng éischt Verbesserung besteet doranner, dass een och nach mat 60 Joer vun enger Preretraite ka profitéieren. Dat ass ze begrëssen, well d'Liewenserwaardung allgemeng weider steigt an dëst eng méi grouss Flexibilitéit am System zouléisst.

Mir begrëssen och, dass e Salarié, dee vun engem Betrieb kennt, dass Faillite gemaach huet, just nach ee Joer amplaz vu fënnf bei sengem neie Patron muss geschafft hunn, fir dass hie vun enger Preretraite ka profitéieren. Dat ass nëmme gerecht an eisen Aen, well dës Salarié net och nach duerch bestrooft solle ginn, wann hire Patron géif Faillite maachen.

En drëtten Punkt, deen ech wëll ervirsträichen, ass deen, dass d'Konditiounen bei der Preretraite progressive erliichtert ginn. D'Patronat beklot sech, dass dës u sech net schlecht geduechten Iddi, dass ee viru senger Pensioun just nach zu engem Deel schaffe geet, net genuch genotzt gëtt, well den Encadrement an d'Obligatioun, e Chômeur amplaz anzustellen, weéng attraktiv fir d'Betriber ass.

Genau do suergt dës Projet de loi fir méi Flexibilitéit, andeem dem Patron méi Méiglechkeeten opstéi wéi bis elo, fir déi verlueren Aarbechtszäit am Kader vun enger Preretraite progressive kënnen ze kompenséieren.

Am Allgemeng si mir als DP ganz zefridde mat den Adaptatiounen, déi dës Projet de loi mat sech bréngt. An awer fuerdere mir, dass nach méi regleméisseg soll gekuckt ginn, ob déi aarbechtspolitesch Ziler, déi un esou Mesur geknäppt sinn, dann och erreecht ginn.

Déi beschtgemengte Mesure bréngt näischt, wa se um Terrain net applizéiert gëtt, well se fir déi eng oder aner Säit net attraktiv ass.

Dat gesot, ginn ech heimat den Accord vu menger Fraktioun, fir dës Projet de loi ze stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. An nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia fir déi gréng.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen Rapport an och säi schréfflechen Rapport, dee méi wéi ausféierlech ass a wou ech och net op all Detailler hei wäert agoen.

D'Preretraite-solidarité soll hei mat dësem Projet de loi ofgeschaaft ginn. A wann een och kuckt, dass 2015 genau 160 Fäll vun dëser Preretraite-solidarité profitéiert hunn, dann ass dat am Gesamtzesammenhang vu Leit, déi vun





enger Preretraite profitéiert hunn, wat der ëm déi 500 sinn, also e relativ méi klengen Undeel.

Déi zweet Saach, do dierf och keng Verwiesslung kommen zwëschen der Preretraite an der Pension de vieillesse anticipée, dat huet de Virriedner och scho gesot. A wann een eng Kéier déi Chifferen eraushëlt fir 2015 - ech weess se net auswenneg, duerfir muss ech se awer hei offlesen -, da sinn an der Pension de vieillesse anticipée fir 2015 4.444 Leit erëmfefannen. Do gesitt Der, dass dat u sech jo awer eng aner Envergre huet wéi d'Preretraite, vun där mer haut an deem Projet de loi schwätzen. A fir 2015 sinn dat an der gesamter Zomm vu Leit, déi eng Pensioun kritt hunn, Pension de vieillesse anticipée respektiv pour invalidité, 8.303 Leit.

Dat ass also an deem Zesummenhang gesi wierklech méi eng kleng Unzuel vu Fäll. An da muss een nach wëssen: Déi Preretraite-solidarité ass jo geschafte ginn am Kader vun engem Acte de solidarité entre générations, fir ze kucken, dass déi Leit, déi an d'Preretraite ginn, ersat ginn duerch e Chômeur, deem amplaz géif kommen, eventuell oder am beschten och natierlech e jugendleche Chômeur, fir deem eng Chance ze ginn, op där Aarbechtsplaz u sech da Fouss ze faassen. A wann ee weess, dass den Employeur elo ëmmer manner vun dëser Mesure profitéiert, da mengen ech, dann ass et absolutt vertriebar, dass een dës Preretraite ofschaft.

Dann des Weideren, de Virriedner huet et och scho gesot, geet d'Liewenserwaardung vun de Leit, an dat ass jo eppes, op wat mer kënnen houfreg sinn, an d'Luucht. Dann ass et natierlech och esou, dass d'Méiglechkeet muss gi ginn, bei der Preretraite net bei 57 Joer vun dëser Mesure kënnen ze profitéieren, mä eventuell eréischt ab 60 Joer a bis 65 Joer, wéi mäi Virriedner dat och schonn hei erkläert huet.

Ech wëll net nach eng Kéier op déi verschidde Regimier agoen, wou et absolutt berechtigt ass u sech, eng Preretraite virdrun unzefroen. Wann elo den Travail posté, dat heescht Schichtaarbecht, oder d'Nuetsaarbecht ze beschwätzen ass, lichter dat jiddwerengem an. D'selwecht och dee Volet vun der Preretraite progressive, wou et jo och drëm geet, dass eben d'Erfahrung vun engem Mënsch, dee laang am Berufsleewe war, ka genotzt ginn, respektiv dass e ka lues awer sécher vu senge 40 Stonnen op méi en niddregen Taux an der Woch eroffueren an dass entspreichend och eng aner Persoun seng Stonnen ergänzt an engere Entreprise, dass dat eng wichteg Mesure ass, déi och weider soll Bestand hunn an och weider soll ënnerstëtzt ginn.

Fir ze schlësse wëll ech just soen, dass déi gréng all weider Mesurë wäerten ënnerstëtze vum Aarbechtsministère, déi an de Sënn ginn, dass eng Solidaritéit zwëschen de Generatiounen bestoe bleift, och am Aarbechtsrecht.

Duerfir gi mer och als déi gréng eis Zoustëmmung zu deem Projet de loi. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen fir d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och d'ADR wäert deemem Projet zoustëmmen. Ech mengen, et ass eng Reform, iwwert déi scho laang diskutéiert ginn ass, iwwert déi verschidde Regimier vun der Preretraite. An ech wëll och duerfir dem Kolleeg Frank Arndt Merci soen als Rapporteur, deem dee Rapport hei gutt virgestallt huet. Ech wëll och duerfir nëmmen op e puer Punkten agoen.

Ech mengen, fir mech ass net dee wesentlechste Punkt, dass mer d'Preretraite-solidarité ofschaffen. Fir mech schéngen déi aner Punkte wuel esou wichteg ze sinn, a virun allem och deem, mat deem mer den Alter op 65 Joer eropsetzen. An ech setzen deem och net nëmmen an de Kontext, wat d'Flexibilitéit ubelaangt oder d'Méiglechkeet, fir méi laang ze schaffen an da vun der Preretraite ze profitéieren bis zum Alter vu 65 Joer, mä ech setzen deem och an de Kontext vun eiser allgemenger Politik, wat d'Pensiounen ubelaangt.

Mir hunn 1999 d'Reform an der Fonction publique gemaach, wou mer déi nei Fonctionnairen an deeselwechte Regimm gesat hunn, wéi mer en am Privatséktor kennen. An déi Fonctionnairen, déi virun 1999 aktiv waren, sinn an en Iwwergangsregimm komm, wou mer deem ale System degressiv zrëckschrauwen a wou een awer deem Niveau erëm kann erreichen, andeem datt ee méi laang schaffe geet iwwer eng Rei vu Joren. An ech mengen, momentan

muss ee bal zwee Joer méi laang schaffen, fir déi Rent ze kréien, déi ee virdru quasi mat 60 Joer kritt huet.

2013 hu mer deeselwechte System am Privatséktor bei der leschter Pensiounsreform agefouert, wou mer soen, datt een och mat 60 Joer net méi déi voll Pensioun kritt, mä datt ee muss all Joers e bësse méi laang schaffe goen, bis zum Schluss dräi Joer muss méi laang schaffe goen, fir déi voll Pensioun ze kréien. An am Abléck muss een do schonn elo véier, fënnf Méint, jee nodeem, an där Gréisstenuerdung, méi laang schaffe goen, fir d'Pensioun ze kréien. Dat heescht, mir hunn am Fong 1999 am öffentleche Secteur beim ale Regimm an 2013 am Privatséktor de Pensiounsalter gehuewen, quitte datt nach ëmmer jiddweree kam mam alen Alter an d'Pensioun goen, mä e verzicht dann op e bësse Pensioun.

Dat heescht, wann haut vill Leit froen: „Wëllt Der de Pensiounsalter héijen?“, deem hu mer am Fong gehéicht op enger Fräiwëllegkeet: entweder e bësse manner Pensioun oder méi laang schaffe goen. An dat heite gesinn ech och an deem Kontext, well heiduerch, well d'Leit ebe kënnen elo d'Preretraite bis 65 Joer huelen, ginn d'Leit jo och d'office da méi laang schaffen. Virdrun hu se d'Preretraite missen éischter huelen. Also behale mer d'Leit och hei méi laang an der Aarbecht a si cotiséieren während der Preretraite weider an da kréie se d'Pensioun. Dat heescht, et ass och en Erspuerenis fir d'Pensiounen.

Mir schwätzen ëmmer doriwwer, wéi mer d'Pensiounen laangfristeg kënnen besser ofsécher finanziell, an ech géif soen: All déi Moosnamen 1999 an 2013 an déi heiten - déi ass wuel net esou dramatesch bei deem heite Punkt - droen och zum Deel derzou bäi, datt mer de Pensiounssystem finanziell e bëssen entlaaschten. Et ass fräiwëlleg an d'Leit ginn net benodelegt, well se kréie jo dann, wa se dräi Joer méi laang zum Beispill schaffe ginn, dräi Joer 100% vum Gehalt. Si cotiséieren an d'Pensiounskeess zu 100% a ginn dann eben hir Preretraite huelen. Dat ass also menger Meenung no e ganz wichtige Punkt.

Positiv, muss een och soen, dass dat vun de Schichtaarbechter, wou et am Prinzip 20 Joer sinn, wou mer elo soen: 15 Joer fir d'Schichtaarbecht oder d'Nuetsaarbecht, wann dat an deene leschte 25 Joer virun dem Antrëtt an d'Retraite war.

Datt de Montant, fir d'Pensioun ze berechnen, vun dräi op zwielef Méint berechent gëtt, fanne mir och richtig. Mir wëssen alleguer, deem ale System vun dräi Méint - nujee, wéi soll ech soen? -, dee konnt een, wann een d'Méiglechkeeten hat, och zu sengem Positive manipulieren, andeem een eben an deenen dräi Méint versicht huet, e bësse méi ze schaffen, Iwwerstonnen, Primmen, Sonndes- an Nuetsaarbecht. Dann ass engem seng Preretraite eben op deem Montant berechent ginn. Mir wëssen alleguer, vu wat mer schwätzen.

Et kann een awer och Pech gehat hunn. Wann een elo iergendwéi krank ginn ass oder et ass een iergengewéi an eng Congésszäit gefall oder an e Kollektivurlaub gefall an et huet een duerno missen an d'Preretraite goen, dann hat een de Pech, datt ee grad manner kritt huet op deem, wourop seng Preretraite berechent gëtt. Duerfir géif ech mengen, datt déi Léisung, déi elo hei am Gesetzesprojet steet, datt gesot gëtt: „Ma mir huelen ee Joer“, Manipulatione souwuel an déi eng wéi an déi aner Richtung, géif ech soen, minimal zouléisst.

Datt ee fënnf Joer muss an engem Betrib sinn, dat ass vun der Chambre des Salariés contestéiert ginn. Ech géif awer mengen, och domadder misst ee mat e bësse gesondem Mënscheverstand kënnen liewen. Et ka jo och net sinn, datt ee just an e Betrib erakënn an da seet: „Ma elo hunn ech d'Chance, hei geet et méi schlecht, elo kann ech direkt an d'Preretraite goen.“ Soudatt ee gesot kritt: „Hei, fënnf Joer muss een an engem Betrib sinn“, a just en cas de force majeure, wann et ëm eng Fällite geet, da spillt jo nëmmen d'Konditioun vun engem Joer. Och domadder, mengen ech, misst ee kënnen liewen.

Soudatt ech géif soen, datt dat Gesetz hei eng gutt Mëschung ass tëschent där enger an där anerer Kritik. An duerfir fënnt et och eis Zoustëmmung.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An domat huet dee leschten ageschriwwene Riedner d'Wuert, den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, bei deemem Text hu mer et mat engem Projet ze dinn, dee säin Ursprung an der Héichzäit vun der Austeritéitspolitik vun der Virgängerregierung huet.

Ugekënnegt gouf d'Ofschafte vun der Preretraite-solidarité am November 2012 vum deemolegen CSV-Finanzminister Luc Frieden, deem op ausdréckleche Wonsch vun de Majoritéitsparteien nach eng Kéier sollt weider Spuermesurë fir de Budgetsprojert 2013 präsentéieren. Deeselwechte Luc Frieden, dee mat Bléck op d'Sozialtransferten am Statsbudget nach e Mount virdru gemengt hat, de Sozialstat wier kee Kleeschen. Virum Hannergrond, datt ouni d'Sozialtransferte 50% vun de Leit dem Aarmutsrisiko ausgesat wieren, war dat wuel eng relativ zynesch Remarque.

No de Wahlen 2013 ass déi nei Regierung mat darselwechter Austeritéitspolitik weidergefuert wéi hir Virgängerin an huet e Spuerpak präsentéiert, deem seng 191. Mesure genee dës Ofschafung vun der Preretraite-solidarité war. Domat ass d'Regierung ganz en phase mat de liberale Virgaben aus Bréssel, déi de Rentenalter a ganz Europa, a besonnesch zu Lëtzebuerg, gär no hanne géife réckelen an den Taux d'emploi vun de Seniore gäre géifen erhéijen.

Dat ass eng vun deene Recommandatiounen aus Bréssel, déi mer all Joer am Kader vum Semestre européen op en Neits ze héiere kréien. An déi lescht dräi Joer huet d'Regierung zrëckgeschriwwen, dësse Projet wier jo dann um Instanzewe.

Wourëms geet et bei der Preretraite-solidarité? De Preretraite-Modell, net nëmmen dee vun der Solidaritéit, mä och déi aner, si ronderëm d'Kris an der Siderurgie an de 70er Joren entstanen als eng Äntwert op eng Gefor vu Massentloosungen. E Betrib konnt esou mat Hëllef vum Stat Personal ofbauen, ouni se mussen ze entloossen. Speziell un der Preretraite-solidarité war d'Iddi, datt fir all Preretraitéierten en Neien agestellt gëtt, deem op der Sich no Aarbecht ass.

De Gedanke vu Solidaritéit gong an zwou Richtungen: éischters, d'Solidaritéit tëschent de Generatiounen, en eelere Salarié geet an d'Prepensioun a mécht engem jonke Plaz, an zweetens, d'Solidaritéit tëschent deenen, déi Aarbecht hunn, an deenen, déi Aarbecht sichen. Dëst ass, graff resuméiert, d'Philosophie vun deemem Modell.

Vun Ufank un ass de solidaresche Virruhestandsmodell a Fro gestallt ginn. Et brauch een do just d'Debatten aus de Jore 1987 oder 1990 nozeliesen. Et ass hannerfrot ginn, ob deem da wierklech effikass kéint sinn, besonnesch well en am Ufank ganz wéineg genotzt ginn ass.

Interessant ass awer och, wann ee sech virun Ae féiert, datt Enn den 80er uganks den 90er de Chômage op engem Niveau war, dee wesentlech manner héich war wéi deem haut respektiv dee Mëtt den 2010er, wou d'Iddi vun der Ofschafung entwéckelt ginn ass.

Besonnesch interessant ass och nozeliesen, wéi souwuel d'Vertreder vun der LSP wéi och vun der CSV an och den haitege Gréngen an der haiteger ADR deemools argumentéiert hunn a wichteg fonnt hunn, datt de Modell vun der Preretraite-solidarité an de Code du travail ageschriwwen sollt ginn.

Dräi grouss Argumenter sinn dobäi ëmmer nees erëmmk: éischters de Solidaritéitsgedanken, zweetens de soziale Fortschrëtt a Form vun enger méiglecher Verkierzung vun der Liewensaarbechtszäit, an drëtzens ass gesot ginn, datt och wann - deemools, also 1990 - de Chômage immens niddreg wier, dat doten e wäertvollt Instrument kéint sinn, fir quasi proaktiv op zukünftige Krisen um Aarbechtsmaart kënnen virbereet ze sinn. An haut ass de Chômage dräi- bis véiermol méi héich, an haut gëtt dës Mesure ofgeschafft!

De Minister erkläert dat domadder, datt d'Preretraite-solidarité eng historesch Krisemesure gewiescht wier, fir géint de Chômage unzegeen, wat just zum Deel stëmmt, well hir definitiv Aschreiwung an de Code du travail zu engem Zäitpunkt war, wou de Chômage méi niddreg war wéi haut. Mä virun allem ass d'Argument, datt se ineffikass wier.

An der parlamentarescher Kommissioun huet de Minister och Zuele genannt. Am September 2016 waren 346 Leit an der Preretraite-solidarité, géint 600 an der Preretraite-ajustement a 430 an der Preretraite fir Nuets- a Schichtaarbecht.

Ineffikass, esou d'Argumentation vum Minister an der Kommissioun, wier d'Preretraite-solidarité, well haut d'Aarbechtswelt géinnert hätt an et haut méi schwierig wier, souwuel fir de Patron, fir e genee equivalenten Embauchage ze organisieren, wéi och fir d'ADEM, fir Kandidate mat néidegem Profil a Qualifikation ze fannen. Amplaz sech awer vläicht Gedanken ze maachen, ob déi Konditiounen aus deem deemolege Gesetz nach ugepasst wieren un d'Aarbechtsrealitéit vun haut, ass d'Regierung higaangen an huet dee ganze Passus gestrich.

An den Negociatiounen mat de Sozialpartner am Kader vum Comité permanent du travail et de l'emploi hunn d'Gewerkschaften drop insistéiert, datt d'Fro vun der Penibilitéit vun der Aarbecht misst en neien an decisive Facteur ginn, fir den Zougang zu enger Preretraite ze erméiglechen. Dëst ass awer net geschitt. An dat ass och den Haaptgrond, firwat sech d'Gewerkschaften an d'Salariatskummer géint d'Ofschafte wieren, well keng equivalent Géigepartie am Gesetz dran ass, weder wat d'Penibilitéit ugeet, nach am Bezug op e méi fléissenenden Iwwergang vun Aarbecht an d'Pensioun.

Här President, natierlech sinn eenzel Verbesserungen och an deemem Text dran, wéi Erlichterungen bei der progressiver Virruhestandsregelung an der Nuets- a Schichtaarbecht. Mä souguer och do gëtt et Verschlechterungen zu deem Modell, wéi et haut ass.

Esou muss ee bei deenen iwwerig bliwwene Formen vun der Preretraite entre-temps fënnf Joer Zougehéiergkeet an engem Betrib nowiesen, ier een iwwerhaupt eligibel ass fir esou eng Mesure. Een, dee 25 Joer an engem bestëmmte Betrib geschafft huet, duerno huet musse wieselen an elo dräi Joer an engem anere schafft, deem ass also net méi eligibel fir dës Mesure. A grad an enger Aarbechtsmaartrealitéit, an där vum Salarié verlaangt gëtt, enorm flexibel ze sinn an dacks de Betrib mussen ze wieselen, och ouni eegent Verschëlden, ass dëst eng nei Contrainte, déi eng ganz Rétsch Leit auszeschlëissen dréit.

De Minister begrënn dat domadder, datt hei zu Lëtzebuerg verschidde Multinationallen an der Vergaangenheet hir Leit, déi en fin de carrière waren, op lëtzebuergesch Filialen ofgeschoben hunn, fir do kënnen am Kader vun der Preretraite staatlech Suen ze kréien.

Mir mengen, wann dat esou ass, da muss ee geziilt géint dës Firmen ugoen, mä et dierf en duerfir net den Zougang fir allegueren d'Salariéen därmoossen erschwéieren. D'Salariatskummer hat an deem Kontext gefuerdert, déi Zäit op ee Joer ze beschränken.

Här President, am Kader vun der Rifkin-Debat gëtt vill iwwer Automatisierung an Digitalisierung geschwat. Mä och am Rifkin senger „schéiner neier Welt“ wäerten et Leit ginn, déi schwéier a penibel schaffe mussen a wahrscheinlech souguer nach méi Drock a Stress wäerte mussen duerchliewe wéi haut. Fir all déi Leit ass dat heite Gesetz keng gutt Noricht, well et hinne eng weider eventuell Méiglechkeet ewechhëlt, eppes éischter an d'Pensioun goen ze kënnen, fir datt am Géigenzuch e Jonken hir Plaz ka kréien.

An de Moien nach hunn ech um Radio héieren, datt den LSP-Wirtschaftsminister gesot hätt, d'Aarbechtszäit an domadder natierlech och indirekt d'Liewensaarbechtszäit misst kënnen sur mesure verkierzt ginn. Dat si schéin an och richtig Wieder, mä dat heite Gesetz geet awer an eng ëmgekéiert Richtung. An duerfir wäerte mir et och net stëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Nicolas Schmit.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'Eischt dem Rapporteur Merci soe fir deem ausféierleche Bericht. Ech wëll och enger Rei vun Intervenante Merci soe fir déi complementaire Informatiounen an Explikatiounen, déi hei gi si ginn.

Dat hei ass effektiv kee Projet eleng iwwert d'Ofschafte vun der Preretraite-solidarité. Ech hunn elo ganz opmierksam deem leschte Riedner nogelauscht an ech mengen, do gëtt d'Realitéit e bësse verzerrt.

► **Une voix.** - Ah jo!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Loosse mer domat ufanken! Éischters ass et richtig, datt dee Projet hei oder zumindest déi Iwwerleung aus enger Regierung kënn, net vun där heiter, mä vun där virdrun, an datt effektiv déi Iddi vun der Ofschafung vun der Solidaritéitspreretraite deemools haaptsächlech esou gesi ginn ass, datt et misst eng Mesure d'économie sinn. Ech mengen, do sinn all Explikatiounen ginn, déi och genau dat e bësse korrigéieren, wat den Här Kaes gesot huet.

Den Aarbechtsminister war deem nümlechten. Deen huet net géinnert vun där Regierung virdrun op déi heiten, mä den Aarbechtsminister huet sech vill Zäit gelooss, wéi Der gemierkt hutt, vun dem Ufank vun der Iddi bis elo zum Vott vun deemem Projet. Well fir mech war et ni eng Saach eleng vun Ekonomii maachen. Et war eigentlech eng Saach, fir dee ganze Sys-





tem vun de Preretraiten op de Metier ze huelen an ze kucken, wat an de Prereträit Sënn mécht, haut nach, ënnert deene Konditiounen, wou mer haut sinn, a wat effektiv net onbedéngt méi Sënn mécht, a wat och misst verbessert oder geännert ginn.

An dat ass eigentlech de Sënn vun deemem Projet. Mir schafen de Prinzip - contrairement zu deem, wat eis vun, wéi Dir géift soen „neoliberalen“ Agencé recommandéiert gëtt -, mir schafen d'Preretraite net of, well d'Preretraite-ajustement bleift an d'Preretraite progressive gëtt verbessert. An d'Preretraite-ajustement gëtt och verbessert!

D'Preretraite-solidarité. Fir datt d'Leit dobaussen elo genau wëssen, wéi et weidergeet, well allegueren déi, déi an engem Betrib schaffen, wou et e Kollektivvertrag gëtt, wou effektiv déi Preretraite-solidarité drasteet, déi wëll ech emol fir d'Éischt berouegen: Soulaang dee Kollektivvertrag besteet, ass hiert Recht - à condition, datt se an där Zäit 57 Joer kréien - och nach op eng Preretraite-solidarité garantéiert.

A mir hu souguer an engem Secteur virun e puer Méint nach eng Preretraite-solidarité agefouert, well dat am beschte fonctionnéiert huet, fir do effektiv de Leit nach d'Méiglechkeet ze ginn - fir en net ze nennen: am Stolsecteur -, éischter an d'Pensioun ze goen, well dat och Leit waren, déi awer nach ënnert där schwéier Zäit vun der Kris an deem Secteur vill hu mussen erliewen.

Duerfir, éischters, mir hunn eng laang Phas geholl, fir déi Preretraite-solidarité ofzeschaffen. Déi ass nach net komplett ofgeschafft, well et nach ëmmer wäerte Leit ginn, déi dovu kënne profitieren, wa se an hirem Kollektivvertrag steet.

Zweetens muss ee jo awer kënne, an ech mengen, do gi vill Saache vermëscht, sech Froe stellen, ob dat Instrument, wat jo net als en Instrument konzipéiert ass, well déi Leit allegueren esou penibel Aarbechten hunn... Mä dat Instrument ass konzipéiert gi mat der Iddi, der vläicht e bëssen iwwerspëtztener Iddi: „Déi Eeler ginn an d'Pensioun an déi Jonk réckelen no“, fir et emol op e bësse méi en einfache Punkt ze bréngen.

An hei muss ech soen: Deen Objektiv huet net esou funktionéiert, wéi dat initialement vun engem virviregten Aarbechtsminister geduecht gi war, well, éischters emol, esou vill Leit sinn net an d'Preretraite-solidarité gaangen. Mir leien hei bei engem Duerchschnëtt vun à peu près 150 Leit pro Joer. Well déi 300 an eppes, dat sinn dräi Joer cumuléiert. 150 Leit pro Joer: Dat ass net vill!

Hei sinn Zuele genannt ginn, wat ech appreciéiert hunn, wi vill Leit eng Retraite anticipée kréien. An do si mer scho méi no bei der Penibilitéit, well dat sinn déi Leit, déi 40 Déngschtjoren hunn, dat heescht, déi fréi an hirem Liewen ugefaangen hu mat schaffen, also och gewéinlech a ville Fäll - ech géif gär soen, bal an alle Fäll - eng relativ schwéier a penibel Aarbecht haten. An dodru gëtt näischt geännert. Dat bleift esou, wéi et ass! Dat Recht, éischter an d'Pensioun ze goe mat enger Anticipée fir déi Leit bleift 100%eg bestoen! An dat sinn der iwwer 4.000, géint 150.

► **Une voix.** - Très bien! Très juste!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - Déi 150, muss ee soen, dat waren der, déi Chance haten, well dat waren net Leit, déi aus iergendwelchen objektive Grënn elo éischter konnten an d'Pensioun goen. Neen, déi haten einfach Chance, datt hire Betrib gesot huet: „Okay, ech si fir d'Preretraite-solidarité. Du kanns fir mech éischter an d'Pensioun goen. Ech probéieren dann, Leit an denger Plaz anzustellen.“ Dat sinn also net vill Betriber, dat waren net vill Leit. Dat ware par rapport zu all deenen, déi net vun där Mesure profitéiert hunn, ganz weineg Leit.

Elo ass et awer esou, datt grad dee Mechanismus, firwat jo déi Mesure geschaf ginn ass, net funktionéiert huet, well an deene Secteuren, wou déi Leit a Pensioun gaange sinn, ganz oft d'Remplacements net onbedéngt méiglech waren, well mer net ëmmer Leit fonnt hunn, déi an der ADEM ageschriwwen waren, fir déi, déi an d'Preretraite-solidarité gaange sinn. An dann hu mer eis missen op de Kapp stellen a maachen esou wéi wann deen, deen an d'Preretraite-solidarité gaangen ass, vun engem remplacéiert gi wier, deen am Chômage war an dann och nach eng Zäitchen an der ADEM ageschriwwen war. An do ass de Beschäftigungseffekt vun där Preretraite-solidarité gläich oder praktesch Null!

Ech hunn dat hei an engem Debat ënnert der viregter Regierung mat engem CSV-Deputéierte schonn deemoos, deen och genau déi nämlech Argumenter gebraucht huet wéi Dir, hei diskutéiert. Dat war den Här Weber. Also, de Punkt ass deen: beschäftegungspoliteschen Effet Null vun der Preretraite-solidarité!

Elo komme mer awer bei de Punkt vun der Penibilitéit. Jo, ech sinn absolut d'accord, datt mer mussen eng Iwwerleeung hunn iwwert d'Penibilitéit am Pensiounssystem en général. Mir hunn eng Äntwert, ech hunn et elo virdru gesot, iwwert d'„Anticipée“. Mir hunn eng zweet Äntwert, an dat ass déi, déi hei am Gesetz steet: Dat ass déi vun der „Postés“. Well wann et ee ganz objektive Kritär gëtt vu Penibilitéit, dat ass dee vun deene Leit, déi net regelméisseg schaffen. Dat sinn déi Leit, déi nuets musse schaffen, iwwer Joren! Dat ass e Kritär vu Penibilitéit, dee ganz kloer a ganz evident a ganz einfach ze beleeden ass.

A grad do, well dat en Effet de pénibilité ass, a grad well ech der Meenung sinn, datt mer engem, dee 15 Joer laang Schichte schafft, nuets schafft, an engem Spidol schafft zum Beispill - net nëmme an engem Spidol, mä ganz oft sinn et Fraen, vill Fraen, déi als Infirmière am Spidol schaffen - mussen de Wee opmaachen, fir och kënne voll vun deem Recht ze benefisziéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - An dat hu mer gemaach, andeem mer soen: „Net méi 20 Joer, mä 15 Joer.“ An och déi 20 Joer (veuillez lire: 15 Joer) mussen net stattfannen, ier een an d'Pensioun geet, ier een an d'Preretraite geet, déi kënne an deene 25 Joer virdru stattfonnt hunn.

Also ass hei en Assouplissement, eng Verbesserung grad fir déi Kategorie vu Leit, déi nuets geschafft hunn oder op Schichte geschafft hunn, realiséiert ginn. An ech mengen, datt ass e wesentleche Bestanddeel, eng wesentlech Verbesserung vum System vun der Preretraite, déi wäit iwwert dat erausgeet, wat effektiv d'Ofschafe vun der Preretraite-solidarité ass.

Deen zweete Punkt, deen ech wëll soen, deen och eng nette Verbesserung ass, ass deen, datt grad bei der „Postés“ Leit, déi am Chômage sinn an déi virdrun ënnert déi Clause gefall sinn, well se 15 Joer laang nuets geschafft hunn oder op Schichte geschafft hunn, datt déi, wa se 57 Joer hunn, obwuel se jo keen Job méi hunn - si sinn am Chômage -, och kënne vun där „Preretraite postés“ profitéieren an also och kënne mat 57 Joer an d'Pensioun goen. Dat ass och eng Unerkennung vun deem, wat virdrun am Berufsliewe war. An déi Persoun, wa se am Chômage ass... (veuillez lire: huet déi Méiglechkeet elo). Dat war virdrun net esou am Gesetz virgesinn, dat ass elo awer virgesinn an dat ass eng ganz kloer positiv Mesure, ass eng ganz kloer Verbesserung, déi an deem Projet hei ass.

Ech mengen, besser wéi den Här Gibéryen kann ech elo déi Saach mat der Méiglechkeet, fir den Alter och opzemaachen no 57, net explizéieren. Ech mengen, Dir hutt dat magistralthemaach. Ech brauch dorop net zrëckekommen. Dat ass also ganz richtig, wat Der do gesot hutt.

Ech wëll awer och nach e Wuert soen iwwert d'Preretraite progressive. Déi ass vu weinege Leit bis elo geholl ginn iwwert déi ganz Joren, wou se besteet. Mir hunn déi méi soupel gemaach, mir hu se méi flexibel gemaach. A mir hu besonnesch op Ufro vu gewëssene Secteuren - och well an deene Secteuren vill Frae schaffen, zum Beispill am Spidolssektor - d'Méiglechkeet opgemaach, datt een, deen net voll geschafft huet - a grad am Spidolssektor schaffe vill Fraen net voll, schaffen zum Beispill 75% -, och d'Recht huet op eng Preretraite progressive. Dat heescht: Virdrun huet ee missen 100% schaffen, fir iwwerhaupt an de Genoss vun där Mesure ze kommen. Dat kann een elo och, wann een net voll geschafft huet, wann een nëmme 75% geschafft huet, wat e wesentlechen... Ech sinn eng ganz Rei kéieren ugeschwat gi vu Leit, besonnesch aus dem Sektor Spidol oder Soins, déi dat gefrot hunn.

A mir hoffen och, datt déi aner Mesuren, déi elo ronderëm d'Preretraite progressive sinn, datt et do och méi soupel ginn ass, wat d'Contrepartie ass, fir een anzestelle respektiv och, wann et an enger Conventioun collective virgesinn ass, da muss de Patron där Persoun dat zougestoen. Dat war virdrun net esou. Elo muss en, wann dat an enger Conventioun collective virgesinn ass, da kann en net soen: „Du dierfs goen“, an „Du dierfs net goen“, dann ass et eng Mesure générale, wou all Salaré onbedéngt dovu ka profitéieren.

Ee Wuert iwwert déi fënnel Joer: Jo, ech hunn datt esou explizéiert an dat ass och esou! An ech mengen, d'Fro, déi stellt sech a ganz weinege Fäll, datt Leit dräi Joer ier se sollen an d'Pensioun goen op emol de Betrib gewieselt hunn, fir dann op eemol an eng Preretraite ze kommen. Mä de Fait, datt mer derfir gesuergt hunn, datt déi Leit, déi an engem Betrib nach net ganz laang schaffen a wou awer de Betrib eng Faillite mécht oder muss Leit entloossen oder an engem Plan de maintien ass, kënne

och da schonn no engem Joer heivu benefisziéieren, deckt praktesch allegueren déi Fäll do of an dat stellt u sech absolut dann och kee Problem méi.

Duerfir soen ech emol éischters, datt ech ganz frou sinn, datt esou eng large Majoritéit dee Projet hei ënnerstëtzt. Dat ass e Projet, deen effektiv ons Aarbechtswelt verbessert, besonnesch fir déi Leit, déi et méi schwéier hunn, fir déi Leit, déi och an engem Betrib sinn, wou eng Kris ass. Dat ass de Maintien vun der Preretraite-ajustement. An och en interessanten neie Modell, en ale Modell, deen awer net gebraucht ginn ass: d'Preretraite progressive, wa mer och elo kënne an engem Fall vu Preretraite-ajustement de System vun der Preretraite progressive gebrauchen, wat och interessant ass, wa Betriber eng Preretraite-ajustement maachen, mä si soen: „Mä dat do ass awer eng Persoun, déi géife mer nach e bësse brauchen“, an déi géif net an de Genoss komme vun der Preretraite-ajustement, dann ass hei d'Méiglechkeet, fir zum Beispill eng Preretraite-ajustement progressive ze ginn, wou se manner schafft, awer trotz allem schonn en Deel kann an d'Pensioun goen.

A mä leschte Punkt ass dee vu Pensioun a schaffen, wat mer jo beim Stat hunn, wat mer zum Deel jo och iwwert d'Preretraite progressive hei hunn. Ech hu laang diskutéiert an ech sinn do net eleng de kompetente Minister, well do och de Minister vun der Sécurité sociale engagéiert ass. Ech mengen, mir sinn elo op engem Punkt ukomm, wou mer ganz schnell wäerten e Projet de loi, deen och deen dote Volet behandelt, dee jo och an engem Accord tëschent de Gewerkschaften an deser Regierung ofgemaach war, soumettéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Aarbechtsminister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zum Projet de loi 6844 ukomm a mir kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6844 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo schonn eriwuer.

58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen, keng Abstentionen. Domat ass de Projet ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 7185. Et geet doran ëm en Accord mat Estland am Beräich vum Späichere vun Donnéeën a vun Informatiounssystemer. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorebelen Här Yves Cruchten.

**10. 7185 - Projet de loi portant approbation du «Agreement between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Estonia on the hosting of data and information systems», signé à Luxembourg, le 20 juin 2017**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Yves Cruchten** (*LSAP*), *rapporteur.* - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut iwwer e Gesetzesprojet of, dee vläicht nach net an der Opinion publique, op d'mannst bis elo, gréisseren Interessi fonnt huet. Dobäi geet et awer hei ëm eng beidend Neierung, en innovative Projet, deen et esou an där Form nach net gouf, weder hei zu Lëtzebuerg nach soss an der Welt.

Zanter Joren investéiert de Lëtzebuerger Stat vill Suen a seng digital Infrastruktur an d'Iddi dohannert ass, sech als IT-Standuert ze positionéieren. Dat huet natierlech en Impakt op eis Economie an et schafft nei Aarbechtsplazen, och nei Opportunitéite fir d'Akteuren an deem Secteur, ënner anerem déi aus dem Commerce électronique.

Mir sti mëttlerweil op där zweeter Plaz weltwäit, wat eis IT-Infrastrukturen an d'Konnektivitéit vun eise Stéit ugeet. Wann ee just reng de Business kuckt, esou ass deen haut zu iwwer 97% un eis IT-Infrastrukturen ugebonden. Mat der Strategie „Digital Lëtzebuerg“ firt d'Regierung weider mam Ausbau vum Standuert Lëtzebuerg mat dem Zil, e Centre d'excellence ze sinn, wat déi nei Technologien ugeet.

Mat deem Accord, deen tëschent der Republik Estland a Lëtzebuerg ofgeschloss gouf, schafe mer hei am Land eng sougenannt „Ambassade fir Donnéeën“. Fir Estland geet et drëms, seng Donnéeë sécher an ausserhalb vu sengem eegenen Territoire ze späicheren. Estland ass jo och bekannt fir seng innovativ Servicer a seng digital Wirtschaft, ech géif souguer bal soen, seng digital Gesellschaft. Ech erënnere mech drun, dass ech schonns am Joer 2001 zu Tallin mäin Tramticket per SMS bezuelt hunn, zu enger Zäit, wou et nach keng Smartphoné gouf a wou de 4G héchstens aus der Formel 1 bekannt war.

Den Accord, dee mer haut ënnerschreiw, gesäit vir, dass desen Datenzenter, dee Lëtzebuerg den Esten zur Verfügung stellt, net nëmme vum neisten techneschen a sécherheitsrelevante Standard ass, mä och, dass d'Donnéeë grad ewéi d'Infrastruktur e besonnesche Schutz genéissen, ännelech wéi een dat och vläicht bei Ambassade kennt, déi geschützt sinn. Esou dierfen des Equipement net saiséiert ginn a grad wéi bei de Missions diplomatiques ass den Accès reglementéiert.

D'Sécherheitsstandarde sinn zum Beispill déi, déi och vun der NATO imposéiert ginn. Desen Datenzenter häng net am World Wide Web an ass deemno net anescht zougängelech wéi duerch eng Direktverbindung aus Estland, wat natierlech e wichtege Sécherheitsaspekt duerstellt.

Dat, wat Lëtzebuerg an deem Domän unzëiden huet, nämlech déi sougenannt „Tier IV“-klassifizéiert Datenzentren, dat ass dat Besch, wat et zurzäit gëtt, a garantéiert deen héchsten Niveau un Disponibilitéit. Gréisser direkt Recetté sinn zwar mat deemem Projet net ze erwaarden, mä et geet hei ëm eis Reputatioun als Land an och als IT-Standuert.

Nodeems schonn déi Europäesch Kommissioun hiren neien Datenzenter vu Bréssel op Lëtzebuerg verluecht huet an och d'NATO hei am Land mat eis e gemeinsamen Datenzenter lancéiert huet, ass dat heiten deen drëtten Projet, wou Institutiounen oder Länner eis hir Donnéeën uvertrauen.

Et gëtt dacks gesot, dass Daten de Rohstoff vun der Zukunft sinn. Et muss een dofir och verantwortungsvoll dermat ëmgoen. Dass d'NATO, d'EU-Kommissioun an och Estland eis hir Donnéeën uvertrauen, ass deemno e ganz grouse Vertrauensbeweis an och Beweis fir déi digital Kompetenz, déi hei souwuel am Privatsektor an awer och beim Stat existéiert. Heimat kënne mer eist Land positionéieren als e wichtege Akteur op deem Marché.

Dëse Projet de loi gouf an der Kommissiounssetzung vum 6. November ugeholl. Et gouf an der Kommissioun, och opgrond vum Avis vum Statsrot, eng Diskussioun iwwert den Titel vum Projet de loi. Et gouf drop higewisen, dass den Titel op Englesch verfaasst ass an dass Englesch awer keng vun eisen offiziellen an administrative Sproochen ass.

Dozou muss een awer wëssen, dass den Accord, deen tëschent béide Länner ënnerschriwwen gouf, just op Englesch verfaasst gouf an dass et dofir och keng offiziell franséisch Iwwersetzung gëtt. Esou Fäll goufen et der awer scho méi an der Vergaangenheet.

D'Kommissioun huet awer vun der Geleeenheet profitéiert, fir licht Adaptatiounen um Titel ze maachen, an esou ass séchergestallt, dass dat alles och seng Richtigkeet huet.